

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.

Am Tageblatt konnt een den 2. Februar liesen, datt haut knapp 41 Prozent vun de Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun öffentlechen Ariichtunge Frae sinn.

An deem Kontext wéilt ech d'Madamm Minister gär froen:

1. Wéi vill Sëtz maachen 100% vun de Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun öffentlechen Ariichtungen aus?
2. Ginn et Persounen, déi gläichzäiteg an e puer Verwaltungsréit sëtzen?
3. Wéi vill verschidde männlech Persounen hunn e Sëtz als Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun öffentlechen Ariichtungen?
4. Wéi vill verschidde weiblech Persounen hunn e Sëtz als Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun öffentlechen Ariichtungen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten